N° 8149
Entrée le 02.08.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 8149 vum 13. Juli 2023 vum Här Deputéierten Marc Spautz.**

D'Ausso dass d'Konventioun tëschent dem TICE an dem Staat net méi verlängert gëtt ass falsch. Et soll eng nei Konventioun ausgeschafft ginn well d'Referenzen an der aaler Konventioun zum RGTR no senger neier Ausschreiwung net méi stëmmen an d'Remuneratioun vum Staat un den TICE sech muss dem Budgetsgesetz konforméieren.

Wéinst der aktueller Suerg am interkommunale Syndikat TICE, hunn ech den 19. Juli 2023 Vertrieder vun der Personaldelegatioun vum TICE getraff.

All Participanten hunn ënnerstrach, datt den TICE weiderhin eng wichteg Roll bei der Reorganisatioun vum ëffentlechen Transport am Süde muss spillen.

Ech hunn de Gewerkschaftsvertrieder verséchert, datt mer keng Aarbechtsplaze géifen ofbauen oder d'Zuel vun den gefuerenen Kilometer vum TICE géifen reduzéieren. Mir sollten eis awer zesummen Gedanken maachen, fir an Zukunft nach besser op d'Mobilitéitsbedürfnisser vun der Südregioun ze reagéieren an e koherent ëffentlecht Transportnetz ze plangen.

Et gouf betount, datt d'Personaldelegatioun an Zukunft aktiv un der Entwécklung vum neie Buskonzept fir d'Regioun Süd soll deelhuelen. D'Konzept kéint also vun der Expertise vun de Chauffeuren profitéieren an d'Mëssverständnesser kënnen an Zukunft direkt wärend den jeeweilegen Aarbechtssëtzungen aus dem Wee geraumt ginn.

D'Zil ass et, bis Enn des Joers iwwer e globaalt Konzept eens ze ginn, an déi zukünfteg Buslinnen ze definéieren, déi vum TICE bedriwwe ginn. D'Remuneratioun pro gefuerene Kilometer fir den TICE souwéi de Präis pro Aarbechtsstonnen wäert d'Thema vun engem Finanzéierungsgesetzesprojet sinn, déi vun der nächster Regierung op Basis vun engem validéierte Konzept deposéiert gëtt.

Ech wëll an dësem Kontext och op meng Äntwert op déi parlamentaresch Ufro vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen (8146) verweisen.

Lëtzebuerg, den 2. August 2023.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch